ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden:.

Den Oste vum Land ass nach ëmmer ouni Maison Medicale. Am Kader vun enger gudder Gesondheetsversuergung misst awer och d'Populatioun aus dem Osten e Recht op dëse wichtege Service hunn, bei de betraffene Bierger besteet déi Demande op alle Fall scho laang. Vu dass et Maisons Medicalen zu Esch-Uelzecht, an der Stad Lëtzebuerg an och zu Ettelbréck ginn, handelt et sech em eng kloer Benodeelegung vun enger ganzer Regioun. Laut engem Artikel am Wort vum 17.01.2019 huet de Gesondheetsminister ugekënnegt fir um Potaaschbierg e neien Zenter mat engem IRM schafen ze wëllen, dat fir déi laang Waardezäiten am Land ze verkierzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Ass an dësem zukünftegen Zenter och eng Maison Medicale virgesinn?
2. Am Fall wou um Potaaschbierg keng Maison Medicale entsteet, wéi begrënnt d'Regierung dann de Fait datt d'Regioun Osten weiderhin als eenzeg Regioun vum Land keng Maison Medicale soll hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique